N°4427
Entrée le 10.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Medien a Connectivitéit, d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz an d'Madamm Minister fir Transport weiderzeleeden.

D'schrëttweis Ofschaltung vun den 2G-Mobilfunknetzer gëtt an enger ganzer Rei europäesche Staate virbereet oder ass schonn ëmgesat ginn. An der Ëffentlechkeet gëtt dëst Theema meeschtens am Zesummenhang mat der eCall-Funktioun vun eeleren Autoen diskutéiert: Vill vun dëse Gefierer hunn en eCall- respektiv Noutruffsystem, dat ausschliisslech iwwer d'2G-Netz kommunizéiert. Duerch d'Ewechfale vun dëser Mobilfunktechnologie besteet d'Gefor, datt dës sécherheetsrelevant Funktioun net méi zur Verfügung steet, wat eng direkt Gefor fir de Chauffer an d'Matfuerer duerstellt.

Et sinn awer net just Autoe betraff: Och Noutruffer an de Lifter, Alarmanlagen, medezinesch Noutruffsystemer (wéi z.B. Fallmelder oder Hausnoutruff) esou wéi industriell IoT-Systemer kënnen nach op d'2G-Netz ugewise sinn. Eng méiglech Ofschaltung betrëfft also potenziell eng ganz Rei vu sécherheetsrelevante Servicer, déi net eleng op de Verkéiersberäich beschränkt sinn.

Zu dësem Theema huet d'Regierung schonn am Oktober 2025, am Kader vun enger parlamentarescher Fro (N°2944) vun der honorabeler Deputéiert Djuna Bernard, geäntwert. D'Madamm Minister fir Medien a Connectivitéit, huet dobäi confirméiert, datt Orange säin 3G-Netz Enn 2025 an säin 2G-Netz bis 2030 ofschalt, wärend POST säin 2G-Netz op d'mannst bis 2027 wäert behalen. D'Madamm Minister huet och drop higewisen, datt d'eCall-Funktioun an neie Gefierer ab 2026 duerch de sougenannten Next Generation eCall (NG eCall), deen iwwer 4G- respektiv 5G-Netzer leeft, ersat gëtt.

Nom aktuellen europäesche Rechtskader (Règlement (EU) 2015/758) mussen Neigefierer zënter 2018 mam eCall-System ekipéiert ginn, an zukünfteg mam NG eCall. Bestandsgefierer, déi zum Zäitpunkt vun hirer Typgeneemegung de gëltege Virschrëften entsprach hunn, behalen hir Immatrikulatioun awer grondsätzlech, och wann d'Mobilfunkinfrastruktur, op déi hiren eCall-System ugewise ass, ofgeschalt gëtt.

Well Lëtzebuerg en héijen Undeel u Grenzgänger an doduerch am Ausland immatrikuléierte Gefierer huet, an d'Nopeschlänner d'Ofschalte vum 2G-Netz zu enger anerer Zäit plangen, stellt sech och d'Fro no enger grenziwwerschreidender Koordinatioun. Zousätzlech besteet e Konsumenteschutzaspekt: Vill Autobesëtzer wësse méiglecherweis net, datt hiert Gefier betraff ass, bis d'eCall-Funktioun tatsächlech ausfält.

